**#EScoutLéisstKeenAmStach**
oder
**Scoutsrefugies@SiL.lu**

У зв'язку із війною в Україні, ми, скаути, беремо на себе обіцянку і хочемо допомогти біженцям, які прибули до нашої країни. Тому Скаутінг Люксембургу організовує різноманітні заходи для вас, на які ви можете зареєструватися на www.sil.lu/Ukraine , аби взяти участь у них.

для отримання додаткової інформації пишіть у організацію скаутів refugies@Sil.lu

D'Guiden an d'Scouten hunn eng laang Geschicht fir Fridden, Dialog, Mënschlechkeet, Kanner- a Mënscherechter ze verdeedegen, dëst besonnesch do wou et Schwieregkeeten a Konflikter gëtt.

Säit e puer Wochen ass e Krich an der Ukrain amgaang. Mir als Guiden a Scouten kënnen dat net ignoréieren an sollten duerch eist Engagement deenen Leit eis Hëllef ubidden, déi aus deem Land elo flüchten mussen.
Mir hu scho méi wéi eemol gewisen, dass eis Hëllef en Ënnerscheed an der Gesellschaft mécht. Och elo si mir nees eng Kéier ugesprach, fir als Scouten déi Léit déi et des Kéier trefft ze ënnerstëtzen, well #EScoutLéisstKeenAmStach !

Zesumme mat der Croix-Rouge a Caritas coordonéiert '**Scouting in Luxembourg',** dat sinn all Scouten vun der **LGS** an **FNEL,** follgend Aktiounen :

1. Wunnengen amenagéieren (Miwwele siche goen an a Privathaiser/ Wunnengen opbauen)
2. Aktivitéiten a verschiddenen Opfankstrukturen/ Foyeren an engem reegelméissegen Zäit Intervall organiséieren, fir de Kanner an den Erwuessenen e bëssi Oflenkung ze bidden, an Scoutismus ze liewen. Hei ass déi éischt Aktioun den 15 Mee um Kierchbierg mat erwuessenen Chef a Scouten.
3. An eisen lokalen Gruppen op Demande eenzel Flüchlingskanner ophuelen, Aktiounen maachen fir Suen kënnen ze spenden, een Aktionskoffer maachen an den Refugieskanner zur Verfügung stellen, Sammelaktiounen

All dës Aktiounen ginn vun engem Team koordinéiert, dat och iwwert all Aktioun per E-Mail op scoutsrefugies@SiL.lu soll informéiert ginn.
Wëll dëst Engagement dach awer weit vun eisen deeglechen a gewinnten Aktiounen ofwäicht, bidden mir Formatiounsowender un als Virbereedung fir mat Flüchtlingskanner an traumatiséierten Léit Scoutismus kënnen ze erliewen.

**Fir Aktioun 2,** also Aktivitéiten a verschiddden Opfankstrukturen, **sichen mir nach dringend erwuessen Scouten a Chef, déi sech engagéieren am 3 Wochen Rhythmus do matzemaachen.**
Schwätzt och fréier Scouten un, déi hei wëllen matmaachen, no uewen gëtt et keng Alterslimite.
Schreift Iech ob https://sil.lu/ukraine/ an, dir gitt dann vun äis kontaktéiert.

**Marc Klepper**
for Scouting in Luxembourg